



N° 7032
Entrée le 19.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.10.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/10/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Energie weiderzeleeden.

Photovoltaikanlagen sinn e wichtige Pilier vun der energetescher Transitioun. Vill Leit hunn eng kleng Anlag um Daach, mee virun allem grouss Diecher, wéi een se zum Beispill op Halen a landwirtschaftleche Ställ fënnt, bidden sech fir grouss Anlagen un.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Bauerenhäff hunn aktuell Photovoltaikanlagen op den Diecher installéiert?
2. Wéi hunn dës Zuelen, op déi lescht 5 Joer gekuckt, evoluéiert?
3. Wéi vill Stroum gouf op déi lescht 5 Joer gekuckt vun dëse Photovoltaikanlagen produzéiert?
Wéi vill Prozent vum nationale Stroum gëtt esou produzéiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

